N°4018
Luxembourg, le 30.04.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.04.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

De Future of Technology Institute (FOTI) huet an engem rezente Rapport (*Cloud Defence: An exposed European flank*, 2026) festgestallt, datt Lëtzebuerg a puncto Verdeedegungscloud als „medium risk" agestuuft gëtt, well d'Direction de la Défense iwwer de Prestataire Clarence op Google Cloud-Technologie zeréckgräift – also op eng US-amerikaneschen Hyperscaler-Infrastruktur.

Virum Hannergrond vun de rezenten Entwécklungen – notamment dem Asaz vun digitalen „Kill Switches" géint d'Ukrain a Membere vum ICC duerch d'Trump-Administratioun, an der extraterritorialer Reechwäit vum US CLOUD Act – stellen sech eng ganz Rei Froen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung sech dem Risiko bewosst, deen d'Ofhängegkeet vun US-amerikanesche Cloud-Infrastrukturen – och wann se iwwer europäesch Zwëschenprestatairë genotzt ginn – fir d'Sécherheet a Verdeedegung vu Lëtzebuerg mat sech bréngt?

2. Huet d'Regierung en Audit vun den aktuelle Cloud-Ofhängegkeeten am Verdeedegungsberäich duerchgefouert oder ass sou en Audit geplangt, fir déi héichste Risikosystemer ze identifizéieren?

3. Wéi eng Moossnamen huet d'Regierung ergraff oder geplangt, fir eng méi grouss digital Souveränitéit am Verdeedegungsberäich ze garantéieren – notamment duerch de Wiessel op europäesch Cloud-Léisungen, déi net vun US-Hyperscalere ofhänken?

4. Wéi evaluéiert d'Regierung de Risiko, deen d'Clarence-Léisung konkreet duerstellt, besonnesch am

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Liicht vun der Tatsaach, datt dës Léisung op Google Cloud-Technologie baséiert an domat potentiell dem US CLOUD Act ënnerworf ass?

5. Ass Lëtzebuerg am Kader vun der EU oder der NATO un Initiative bedeelegt, fir gemeinschaftlech souverän Cloud-Léisunge fir de Verdeedegungsberäich ze entwéckelen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten